LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

No/réf : 4594/aj
Affaire suivie par Maryse Fisch
Téléphone : 247-85825

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
17 JAN. 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
L - 2450 Luxembourg

Luxembourg, le 16 janvier 2019

Concerne : **Question parlementaire no 165 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, ma réponse à la question parlementaire n° 165 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Taina Bofferding
Ministre de l'Égalité entre
les femmes et les hommes

6A, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85806
Fax (+352) 24 18 86
Adresse postale
L-2921 Luxembourg
info@mega.public.lu
www.mega.public.lu

198-000024-20040819-FR

Äntwert vun der Madame Ministesch fir Gläichstellung tëscht Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro n°165 vum 9 Januar 2019, gestallt vum honorablen Députéierte Fernand Kartheiser iwwert Artikelen um Facebook-Site vum Ministère.

Fir datt d'Mentalitéiten evoluéieren an d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer an alle Beräicher séchergestallt gëtt brauch et en Débat mat ville Partner. D'Press spillt eng bedeitend Roll fir gesellschaftlech Phenomener z'erklären an op gesellschaftlech Défien esou wéi Mëssstänn hinzeweisen. D'Medie sinn deemno ee wichtegen Akteur. Déi extern Kommunikatiounsaarbecht vum Ministère betount d'Volontéit vun engem breede gesellschaftlechen Débat. Dat gëtt ënnert anerem iwwert d'geziilt Deele vun thematesche Presseartikelen renforcéiert .

Wat den Hiweis op eng bestëmmte Quell ugeet, ass ze notéieren, datt déi däitsch Zäitschréft "Spiegel" an de Noriichtesite vun der Redaktioun als leedend Medien fir d'Meenungsbildung an der däitschsproocheger Presselandschaft gëllen. Iwwert d'Joerzéngten huet de Magazin sech duerch ausgezeechent Recherchen a Reportagen ervirgedoen.
Et ass nu net um Ministère rezent Internae vun engem Medium ze bewäerten. Fakt ass awer, dat sech d'Manager vum genannte Medium offiziell erkläert an entschëllegt hunn.
D'Madame Ministesch fir d'Gläichstellung tëscht Fraen a Männer héiert aus der Fro vum honorablen Deputéierten eraus, dat hei d'Aarbecht vun enger ganzer Redaktioun ënner Generalverdacht gestallt kéint ginn. Dat schéngt net opportun ze sinn.